DAGESMAMM SERVICE RASSELBANDE
an Kooperatioun mat
D'ELTERESCHOUL OSTEN

Mir invitéieren häerzlech zum fënneften

# RASSELBANDE-ELTEREN-TREFF

Uert vun den Veranstaltungen:
**DAGESMAMM SERVICE RASSELBANDE**
**15, Rte de Wasserbillig**
**L-6693 MERTERT**
**(do wou den ROUT BUS steht)**

All Formatiounen fannen op **Lëtzebuergesch** statt
an sinn **GRATIS** fir Iech.
Do **just 12 Plaatzen** zur Verfügung stoen musst Dir Iech w.e.g.
**schriftlech umellen**.
Dat geht am beschten iwwer eng Email an: kontakt@rasselbande.lu
Umellschluss ass jeeweils den Mëttwoch firun dem Formatiounsdatum.
Um ze garantéieren, dat Formatiounen stattfannen mussen mir ee
**Minimum vun 5 Leit** am Kurs hunn.

# FORMATIOUN FIR ELTEREN

**Freideg, den 1. Juli 2016 um 19:00 Auer**

„Nee, Nee! Ech wëll net!“ D`Trotzphase bei eise klenge Kanner
Dozentin: Mme Olga Cardoso

D'Trotzphase ass fir vill Elteren oder Erzéier immens ustrengend. Reagéieren ech richteg? Wat ass normal a wat net? Wat brauchen eis Kanner genee an dëser wichteger Phase vun hirem Liewen, a wéi kënne mir hinnen an eis am einfachsten hëllefen?

**Umellschluss ass Mëttwoch, den 29. Juni 2016**